

# 150 Joër Onofhängegkeet (1839-1989) am Kontext vun der dausendjähreger Geschicht vum Lëtzebuerger Land

## 7. Deel : Evenementer an Episoden aus de Krichsjoeren 1943 - 1944

---

Fir awer de Klima an d'Situatioun an de Joeren 1943-1944 besser ze verstoen, soll stellvertriedent fir déi honnerte Stoppen fir "ons Jongen", déi hei am Land waren, der nëmmen e puer erausgegraff gin:

D'Minière "HONDSBESCH" zu Nidderkuer. - De Plang "Galerie" gouf am Januar 1944 definitiv gebuer. D'Idee koum vum Nuetswiechter vun der Minière. A Resistenzkreesser war Ufank Februar 1944 grouss Opregung zu Nidderkuer. D'Gestapo sollt de 5. Februar eng grouss Razzia zu Nidderkuer organiséieren fir Juegd op verstoppte Jongen ze man. D'Leit kruten et mat der Angscht ze din. Esou koumen déi éischt 6 Jongen an d'Galerie. Am März waren et der schon 30, am Abrëll 50, am Mee 70, am Juni 90, am Juli 100 an ufanks August 1944 an déi 120 jong Leit, déi sech do virun de Preise verstoppt haten! Dat war eng ganz Kompanie Zaldoten ënnert dem Buedem! D'Problemer déi dat opgeworf huet muss ee sech virstellen! Ugefange mat dem Ravitaillement, der Hygien, der Uerdnung an der Disziplin. Déi ganz Organisatioun vun dëser Aktioun loug an den Hänn vun 11 Leit! Meeschtens Schmelzaarbechter, (dobai eng ganz Famill), een Entrepreneur, ee Wiert an ee Schoulmeeschter. Den 12. August huet et op eng Kéier geheescht, d'Preisen hätten d'Plange vun de Galerien am Minett gefrot! Aus Secherheetsgrënn gouf dunn an der Nuecht vum 12. op den 13. August 1944 d'Galerie geraumt, an d'Jongen an aner Stoppen ënnerbruecht. D'Gestapo hat näischt gemierkt. D'Saach war gutt ausgang! Et ass awer nët ëmmer esou gutt ausgang. Besonnesch am Norde vum Land ware vill "Bunkeren" wou Jonge verstoppt waren. Hei eng Geschicht, wou et ganz dramatesch ausgang:

Am Bunker vun Hengescht ware 5 Jonge verstoppt. Zeitweileg waren esouguer 2 amerikanesch Flieger bei hinnen ënnerbruecht. De Bunker war matten an engem Tenneplanti am Hank fir an den Ourdall erof an de Buedem gegruewen a matt Beem a Buedem ofgedeckt. An aller Herrgottsfréi hun d'Jonge Feier gemaach fir sech ze wiermen a fir ze kachen. Well dat all Dag regelméisseg geschitt ass, ass den Damp vum Feier déi aner Sait am Preiseschen opgefall. Den "Ortsgruppenleiter" Wolter vun Hengescht, ee fanatesche lëtzebuerger Preiss, krut Wand vun der Affär an huet mat séngem net manner fanatesche Jong d'Géigend ofgesicht. Et war den 23. Abrëll 1944 owes, wéi déi zwee lëtzebuerger Preisen an der Géigend vum Bunker op d'Refraktäre gestouss sin an och direkt op d'Jonge geschoss hun. D'Refraktären hu sech gewiert an hun ërem geschoss. Den Ortsgruppenleiter a säi Jong kruten et mat der Angscht ze din, an hu sech ewech gemaach. D'Jongen hu geplangt fir eng nei Stopp ze man, awer ze spéit. An der Nuecht.. vum 24. op de 25. Abrëll hat d'preisesch Gendarmerie de Bësch ronderëm de Bunker bis an den Ourdall erof ëmstallt. Mat Honn gouf de Bësch duerchsicht an de 25. Abrëll, géint 11 Auer, haten d'Preisen mat hiren Honn dee gutt getarnte Bunker entdeckt. D'Jongen, déi am Bunker verstoppt waren, hu gläich gemierkt wat lass war an hun deen éischte Preiss, dee sech virum Bunker gewisen huet, ëmgeluegt (et war ee lëtzebuerger Preiss, deen Hëllefspolizist war, hie war virgeschéckt gin!) Et as nach e puer Mol geschoss gin. Bei där Schéisserei goufen nach e puer Preise blesséiert. Dun as et onheemlech roueg am Bësch gin. Ma e puer Stonne méi spéit sin iwwer 100 Mann Verstärkung ukomm fir de Bunker ze stiirmen. D'Jonge waren décidéiert fir hirt d'Liewen esou deier wéi méiglech ze verkafen. Een zweete preisesche Polizist, deen eng Handgranat an de Bunker geheie wollt, gouf ëmgeluegt. Et as eng wëll Schéisserei lassgang an d'Preisen hu realiséiert, datt se d'Jongen, ouni weider Verloschter, net kritisieren. Déi 5 Refraktären hate keng Chance méi. Mat enger schwéierer Sprengladung ass et de Preisen du gelongen, de

Bunker mat de Jongen an d'Luucht ze sprengen. Et war de 25. Abrëll 1944, nomëttes géint halwer 3, wéi deen Drama sech zu Hengescht ofgespillt huet. Niewent deenen zerfatzte Läiche vu 5 lëtzebuerger Jongen, hun d'Preisen een zerspläitert Kruzifix an d'Rechter vun engem Bild vun der Grande-Duchesse Charlotte fonnt, wat mat engem rout-wäiss-bloe Fändel emweckelt war. (...)

Eréischt 1946 sin d'Leit vun Hengescht gewuer gin, wou hir Jonge begruewe gi waren. Si goufen ausgegruewen a mat groussen Eiren zu Hengescht bäigesat. Am Lach vum Bunker, do wou d'Refraktären sech am Summer 1943 eng Stopp gemaach haten, gouf virun en etlech Joer ee Gedenksteen mat de Nimm vun deene 5 Hengeschter Jongen opgeriicht. Et waren d'Bridder Pierre (1923) an Alphonse Jungels (1925), d'Zwillingsbridder Alphonse a Willy Kremer (1921) an de Josy Frères (1924). D'Eltere vun de Bridder Jungels an d'Mamm vun den Zwillingsbridder Kremer sin am KZ ëm d'Liewe komm!

De Verréider, den Ortsgruppenleiter Wolter vun Hengescht, gouf 1948 zum Doud verurteelt an de 24. Februar 1949 um Schéissstand vun der fréierer Fräiwellege-Kompanie am Reckendall erschoss. Säi Jong Franz gouf zu 20 Joër Zwangsarbecht verurteelt.

Ma et ass awer och virkom, datt d'Refraktären mam Liewen dovu koumen, awer d'Leit, bei deenen se verstoppt waren an d'KZ koumen, an do hiirt Liewe gelooss hun:

Esou geschitt zu Mäerzeg: An de Bëscher nördlech vu Mäerzeg hate Mäerzeger Resistenzler zwee Bunkeren ugeluegt, wou an deem éischte Bunker, vun 1943 un, 8 Jonge verstoppt waren. Bei deene verstoppte Jonge war och de Félix Lux vun Ettelbréck, deen den 3. August 1943 zu Heischend vun engem preisesche Gendarme erschoss gouf. Am zweete Bunker, deen am Januar 1944 ugeluegt gouf, ware 5 Leit verstoppt, dorënner och de Victor Kips, Bauer zu Mäerzeg an LVL-Chef vum Nordbeziirk. De V. Kips huet sech vun Ufank un, zesumme mat nach 8 aner Resistenzler vu Mäerzeg, ëm d'Ennerbréngen an de Ravitaillement vu Refraktäre bekëmmert. Et waren och si, déi d'Bunkeren ugeluegt haten. Ma de V. Kips hat awer och Refraktäre bei sech doheem verstoppt. Säin Haff war eng regelrecht Dréischeiw vun der Resistenz a vu Refraktären! D'Gestapo hat op eng Kéier Wand vum V. Kips séngen Aktivitéite kritt, a wollt Sonndes den 21. November 1943, den Haff Kips duerchsichen. An deem Moment hat den V. Kips 2 Refraktären an 2 Jongen aus der lëtzebuerger Fräiwellege Kompanie, déi de Preisen an Däitschland fortgelaf waren, bei sech am Haus an an der Scheier verstoppt (dorënner de Robert Seil vun Useldéng). Muerges ëm halwer néng gouf den Haff Kips vun 20 preisesche Gendarmen ëmstellt an d'Gestapo huet ugefaang d'Haus ze duerchsichen. Den éischte Gestapomann gouf an der Späichertrap vum Robert Seil mam Revolver ëmgeluegt. Een zweete Preiss gouf hannert dem Haus vun engem Refraktär, deen ee Karabiner hat, ëmgeluegt. Een drëtte Preiss gouf am Laf vun der Schéisserei, déi zwou Stonne gedauert huet, blesséiert. Déi zwee Refraktären - an de Robert Seil hu sech erausgeschoss a koume fort. De 4. Jong war am Heeknapp verstoppt, hie gouf net fonnt. Wéi d'Preisen den Haff ëmstellt haten, war de V. Kips an der Kiirch fir d'Houmass op der Uergel ze prouwen. Dat war séng Chance. Hie gouf avertéiert a konnt sech ewech man. Ma sénger jonker Fra, Mamm vun Zwillingskanner déi eréischt 5 Wochen al waren, as et net gutt ergang. Si an hire Schwéierpapp goufe geschloë, verhaft, an an d'Villa Pauly bruecht, wou se fiirchterlech gepéngt goufen. Déi jong Madame Kips as am KZ Ravensbrück ëm d'Liewe komm (Ravensbrück war ee Frae-KZ).

Et as awer och virkomm, datt et schlecht fir d'Jongen a schlecht fir d'Leit wou se verstoppt waren, ausgangen as! Dat as zu Mëchelbuch geschitt. Et war dee selwechte Sonndeg wéi zu Mäerzeg (21.11.1943) déi Schéisserei war. Muerges an aller Herrgottsfréi war den Haff Kipgen zu Mëchelbuch emsat gin. Ee Refraktär, dee sech wiere wollt, gouf ugeschoss an as kuurz drop verscheed. Deen zweete gouf duerch pueren Zoufall an engem groussen Kleederschaf erwëscht.

Déi jong Baureleit Kipgen sin allenzwee am KZ ëm d'Liewe komm. Si hun 3 Weesekanner hannerlooss.

Och zu Bissen hate 4 Refraktären sech eng Stopp am Bësch gebaut. Si war gutt getarnt, awer net gutt genuch, datt ee Preiss, deen zu Bissen gewunnt huet, de Bunker net entdeckt hätt. Hien huet seng Entdeckung, an alles wat hie gesin hat, op där richteger Plaz matgedeelt. De Bësch gouf ëmstallt. D'Jonge koume virun ee Krichsgeriicht. Si goufen alle 4 zum Doud verurteelt. Iwwer 20 Leit vu Bissen déi sech ëm d' Refraktäre bekëmmert hun, goufe verhaft a koumen an d'KZ. Eng vun deene verhaftete Persounen, eng Witfra vu Bissen, as am KZ Ravensbrück ëm d'Liewe komm.

Vu Roserei hun d'Preisen et esouguer fäerdeg bruecht fir Leit emzebréngen, déi näischt mat der Saach ze din haten. Esou eng schlëmm Geschicht as zu Jonglënster passéiert. Et war den 20. Juli 1944, dee selwechten Dag, wéi am "Führerhauptquartier Wolfsschanze" an Ostpreisen, een Attentat op de Führer Adolf Hitler gemaach gouf! Deen Dag hun zwee Refraktären, déi am Marscherwald verstoppt waren, den Ortsgruppenleiter Eduard Altmann, aus dem Bësch eraus, erschoss. Dee vill gefarten Ortsgruppenleiter huet mat séngem Papp a mat engem Knecht op der Gewan, no beim Bësch geschafft, wéi di zwee Refraktären den Ortgruppenleiter ëmgeluegt hun. War et eng oniwuerluegt Reaktioun vun deenen zwee Refraktären wéi si op eng Kéier den Ortsgruppenleiter virum Karabiner haten, oder war et ee gewollte Resistenzakt? Op jiddefall war d'Reaktioun vun de Preise fiirchterlech. 70 Geiselen vu Jonglënster an der Emgéigend goufen agelacht a fënnef Woche laang, ouni Resultat, verhéiert. Ma de Gauleiter war domat net zefriden. Fir den Ortsgruppenleiter Wolter ze rächen, huet hien 10 Refraktären, déi fir d'éischt zum Doud verurteilt waren an dun op lieweslänglech Zuchthaus begnadegt gi waren, erschéisse gelooss. Den 23. August 1944 goufen der 3 zu Siegburg erschoss an den Dag drop gouwen en der 7 zu Schepsdorf bei Lingen am Emsland erschoss. Dat knapp 3 Wochen ir d'Amerikaner zu Lëtzebuerg waren!

En etlech honnert jong Lëtzebuerger waren an de Bëscher vun de belschen Ardennen (tëschent Arel, Baaschné a St. Hubert) an am Massif Central (Clermont-Ferrand, Auvergne, Puy-de-Dôme, Les Ancises) am franséische Maquis ënnerbruecht. Als Maquisaren ware si do ganz oft bei Resistenzaktiounen aktiv. Am belsche Maquis si ronn 50 Jongen ëm d'Liewe komm. Am franséische Maquis as eng ganz Filière vu Passeuren a Resistenzler der Gestapo duerch Verrot an d'Hänn gefall. Et war dem Albert Ungeheuer vun Déifferdeng (1915 zu Waasserbelleg gebuer) seng Passeurs-Organisatioun, déi vum November 1941 un operéiert huet a bis ufanks März 1944 iwwer 150 Refraktären bis an de Massif Central geschleist hat, déi opgeflu war. Mat Hëllef vu lëtzebuergesche Spitzelen (et ware Refraktären, déi fir hirt d'Liewen ze retten, zu Verréider gi sin), ass den Albert Ungeheuer de 15. März 1944 zu Clermont-Ferrand verhaft gin. 3 Gestapo-Männer vu Lëtzebuerg hate sech mat 3 Refraktären, déi Enn Dezember 1943 zrëck op Lëtzebuerg komme wollten, awer op der Grenz geschnappt gi sin, zu Clermont-Ferrand néiergelooss, fir Juegd op Lëtzebuerger ze man. Bei där Aktioun sin awer och eng Parti Fransouse verhaft gin, déi de Lëtzebuerger gehollef hun. Ronn 70 Leit sin der Gestapo an d'Hänn gefall déi alleguer, méi fréi oder méi spéit, ëm d' Liewe koumen. Schon de 19. Mee 1944 goufen 11 lëtzebuerger a lothréngesch Passeuren zu Hinzert erschoss. Dee selwechten Dag goufen am KZ Natzweiler den Albert Ungeheuer, zesumme mat nach 10 aner lëtzebuerger a franséische Passeuren a Resistenzler erschoss. D'Refraktären, déi de Preisen bei der Judasaktioun an d'Hänn gefall sin, goufe fir d'éischt zum Doud verurteilt, ma spéider op eng Zuchthausstrof begnadegt. Si goufen an de Muerlageren am Emsland internéiert. 10 vun hinne goufen den 23. August als Geiselen fir den Ortsgruppenleiter vu Jonglënster erschoss. Déi aner goufen zum Schluss vum Krich op Sonnenberg (haut Slonsk a Polen), verschleeft an do zesumme mat aner lëtzebuerger Refraktären (et waren der am ganzen 93) an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 vun der SS erschoss. Wann et dem Gauleiter nogange wär, da

wären d'lëtzebuerger Refraktären direkt erschoss gin! Dat geet aus sengem Schreiwes ervir, wat de Gauleiter Gustav Simon den 8. Februar 1944 un de Reichsführer-SS Himmler geschéckt huet.

Vun deenen 3.500 jonge Lëtzebuerger déi sech der Wehrpflicht entweder direkt entzun hun, oder awer no engem Urlaub net méi zrëck gange sin, waren déi meescht hei am Land verstoppt! Eleng an der Gemeng Useldéng hatten 30 Familljen zesumme 54 Jonge verstoppt. Et kann ee roueg soën, datt do, wou kee Verrot am Spill war, an d'Jonge sech roueg verhalten hun, d.h. net erausgange sin (an dat war fir jong Mënschen, an der Bléi vun hirem Liewen, nët ëmmer einfach), hu si weder sech, nach déi Leit wou se verstoppt waren, a Gefor bruecht. Awer nach haut, bal een halleft Joerhonnert méi spët, kënn een net derlanscht, fir deen immense Courage vun deene Leit ze bewonneren, déi Refraktäre bei sech opgeholl, verstoppt a versuergt hun!

Eng aner Kategorie Lëtzebuerger ass net esou gutt ewech komm. Et waren eis jüddesch Matbierger. Virum 10. Mee 1940 hun ongeféier 3.800 Judden zu Lëtzebuerg geliewt. Déi meescht vun hinnen hate sech zur Zäit ewech gemaach (och nach nom 10. Mee 1940). Eng Parti vun hinnen huet versicht, fir am Frankräich z'iwwerliewen, awer wiirklech iwwerliewt hun awer nemmen déi, di genuch Suen hate fir sech an Amerika a Secherheet ze bréngen. Si hu sech awer do net doheem gefillt a sin nom Krich ërem zrëck op Lëtzebuerg komm. Ma deene jüddesche Matbierger, déi keng Méiglechkeet hatten, fir sech a Sëcherheet ze bréngen, ass et schlecht ergang. Am Summer 1941 hun d'Preisen nach 796 Judden hei zu Lëtzebuerg gezielt. Fir d'éischt hun déi arem Leit (och d'Kanner) missen dee grouse giele Juddestär um Gezei ugebitzt droën an hun a keng Wiirtschaft an a kee Kino méi däerfe goen! Vum Hierscht 1941 un goufen eis jüddesch Matbierger op der Pafemillen (Cinqfontaines), am Klouschter vun den Herz-Jesu Pateren bei Elwen, internéiert, vu wou aus si uschléissend a Véiwaggoen op Theresienstadt transportéiert goufen (Theresienstadt war ee groust Sammellager fir Judden a Béimen). D'Endstatioun vun deenen arme Leit war Auschwitz, wou se vergast goufen! Deen eenzege Lëtzebuerger Rescapéierten vum Holocaust deen nach liewt, as den Alfred Oppenheimer vu Lëtzebuerg. Eréischt virun en etlech Méint gouf hie fir säin 90. Gebuertsdag grouss gefeiert. Seng éischt Fra a säi Jong goufen zu Auschwitz vergast!

Am Virfeld vun der Landung an der Normandie hun amerikanesch Fliegerugrëff systematesch den Eisebunnsystem am Anzugsgebit vum "Atlantikwall" ugegraff, fir de preiseschen Noschub an d'Normandie an un d'Nordséi z'ënnerbannen. Dat as den amerikanesche Bommeren och villfach gelongen. De Misär awer war, datt d'Zivilbevölkerung bei deenen Ugrëffer onwahrscheinlech vill Verloschter hat. Esou och bei de Fliegerugrëffer den 9. Mee 1944 op Lëtzebuerg, an den 11. Mee op Lëtzebuerg an op Betebuerg. Den Ugrëff vum 9. Mee op d'Rangéiergare (Zwickau) vu Lëtzebuerg huet 59 Doudesaffer kascht (dorënner 12 russesch "Ostarbeiter"). Beim zweeten Ugrëff sin 51 Leit leie bliwwen (dorënner 9 Leit an engem Luftschtzsbunker).

Beim 1. Ugrëff hat eng Formatioun (Pulk) vun 53 B-17 Bommeren (och "Fliegende Festungen" genannt) muerges kuerz virun 10 Auer, 132,5 Tonnen Sprengstoff (292 Bommen) erofgehäit a beim 2. Ugrëff den 11. Mee, huet owes ëm 18.43 Auer ërem ee ganze "Pulk" B-17 Bommeren 157,5 kg Sprengstoffbommen op d'Rangéiergare an op d'Noperschaft vun der Gare (Bouneweg an Houwald) erofsaue gelooss. Den 11. Mee, owes ëm 19.38 Auer krut dun och nach d'Gare vu Betebuerg eng Sendung vun 94,8 Tonne Bommen op de Kapp. Zu Betebuerg si 27 Menschen ëm d'Liewe komm. Souwuel zu Lëtzebuerg, wéi och zu Betebuerg si ganz Wunnvéirel zerstéiert gin.

Een drëtte Fliegerugrëff huet d'Gare vu Lëtzebuerg den 9. August 1944, muerges géint 9.30 Auer erliewt. Dës Kéier sin nët nëmme Sprengbommen, ma och Brandstief a Phosphorbehälter erofgehäit gin. Den Ugrëff vum 9. August huet 26 Menschen d'Liewe kascht. Zu deem Zäitpunkt war déi däitsch Verteidigung am Westen, schon um Zesummebréchen. D'amikanesch Arméien si vum Ufank August un wéi eng Lawin aus der Bretagne an aus der Normandie eraus iwwer Nordfrankräich ausgebrach, an hun déi geschloë preisesch Arméien nëmmen esou viru sech hir

gedriwwen. Vun Enn August un ass och de Réckzuch vun der Wehrmacht duerch Lëtzebuerg gang. Fir d'éischt nach an enger gewësser Uerdnung, ma zum Schluss war et ee regelrecht Fortlafen! Mat allen Zorte vu Gefierer déi se ënnerwee fonnt a geklaut hun, sin déi preisesch Infanterietruppen zréckgestréimt. Wiirkelech kee Verglach méi mat deene stolze preiseschen Invasiounsarméien, déi den 10. Mee 1940 eist Land iwwerrannt haten!

Et mengt een et kënnst nët mënscheméiglech sin. Ma dem Gauleiter séng NS-Propaganda as nach bis Ufank August op vollen Toure gelaf! Du ass et op eng Kéier méi roueg gin. Ganz roueg esouguer!

Den 31. August waren amerikanesch Panzer bis op Verdun virgestouss, d.h. 75 km bis viru Lëtzebuerg. Den 1. September war kee Gauleiter a keng preisesch "Zivilverwaltung" méi do. Iwwernuecht waren se ugedréckt! Ma d'Amerikaner sin net esou séier nokomm. Si hu missen eng Paus vun e puer Deeg aléen fir op de Noschub vu Benzin fir hir Panzer ze waarden! D'Zivilverwaltung huet dun de Generol Souchay, Kommandant vun de réckwäerdege Gebidder iwwerholl an huet drop higewirkt, datt de Gauleiter, dee sech bis op Koblenz zréckgezun hat, nees misst zréck kommen. No en etlech Deg ass de Gauleiter an e puer vu sengen Trabanten tatsächlech ëremkomm. Ma et huet net laang gedauert, du war de Spuk fir ëmmer eriwwer!

De 9. September 1944 ass eng amerikanesch Panzerspëtzt vun Arel erof bis op Useldéng komm an eng aner vu Lonkech (Longwy) iwwer Péiteng an Dippech bis bei de Gréiwelserhaff tëschent Bartreng a Märel. Zu Péiteng ass och deen éischten amerikaneschen Zaldot op lëtzebuerger Territoire gefall. Hannert engem Bësch, tëschent dem Gréiwelserhaff an de Märeler Wisen, hate nuets virdrun preisesch Panzer sech opgestallt fir den Amarsch vun den Amerikaner an d'Stad ze bremsen. Géint 16 Auer gouf deen éischten amerikaneschen Panzer, dee vun Dippech koum, vun de Preisen a Brand geschoss. Et as eng Panzerschluecht entstan, déi bis owes gedauert huet. D'amikanesch Jaboën (Jagdbomber) ware voll am Asaz. De Gréiwelserhaff ass a Flamen opgang. D'preisesch Panzerverbänn hu sech nuets zréckgezun an hun den Amerikaner d'Stad Lëtzebuerg iwwerlooss. De Gauleiter Gustav Simon huet sech den 9. September, soubal en d'Panzerkanounen an de Märelerwisen héieren huet, a säin Auto gesat, an as fir zweet ugedréckt. En as nach eng Kéier ëremkomm, ma déi Kéier an der Mall, hannen am Auto vun engem engleschen Offizéier. E war an engem Sak verpakt. D'Engländer hatten en an hirer Besatzungszon an Norddäitschland geschnappt an agelacht. U sengem Prisongsbett hat e sech erhang! Den engleschen Offizéier huet de Sak mat der Läch vum Gustav Simon, dem deemolege Justizminister Vic. Bodson iwwerlooss. Dee wousst näischt domat unzefänken. Deemols ass gemunkelt gin, de Sak mat sengem makaberen Inhalt wär an engem Héichuewe verschwonnen!

Bei prachtvолlem Hierschtwieder sin den 10. September, muerges géint 9 Auer déi éischt amerikanesch Panzerkolonnen vun Dippech iwwer Märel duerch d'Lonkecherstrooss. an d'Stad era gefuer. Wéi ee Laffeier huet déi Nouvelle sech duerch d'Stad verbreet.

D'Freed war grouss. D'Amerikaner si mat Begeeschterung empfangen gin. Iwwerall hongen op eng Kéier d'lëtzebuerger Fändelen eraus. D'Freed huet keng Grenze méi kannt, wéi de Präz Felix, an der Uniform vun engem englesche Generol niewend dem amerikanesche Panzergenerol Oliver an enger Jeep, tëschend de Panzer, an d'Stad era gefuer as. Wéi op der Place d'Armes d'Welle vun der Freed iwwergespruddelt sin, hu preisesch Nohut-Verbänn sech am Eecherbiërg, um Fëschmaart, am Clausenerbiërg an um Fetschenhaff festgesat fir den Amerikaner nach eng Kéier erbattert Gefechter ze liwweren. Dës Nohutgefechter hu bis an de spéide Nomëtteg era gedauert. An hirer grousser Begeeschterung hun d'Leit an der Stad iwwerhaupt näischt vun där brenzlecher Situatioun an den östlechen Ausfallstroosse vun der Stad gemierkt!

D'Freed an d'Begeeschterung si komplett iwwergelaf, wéi géint 17.00 Auer op eng Kéier de Pränz Jhang, an englescher Leitnantsuniform an enger Jeep, zesumme mat engem amerikaneschen Offizéier als Chauffeur, virum Stadhaus zu Lëtzebuerg um Knuedler ukoum.

© 2001 Léon Raths